N°2328
Entrée le 10.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2328 vum 15. Mee 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro zousätzlech Informatiounen zu de lafenden Aarbechten op der Héicht vum aktuellen Echangeur zu Steebrécken.

*Fro 1: Op d'Fro, firwat de Giorgetti-Grupp d'Opfaart baut, do hat d'Ministesch geäntwert: "Bei den ëffentlechen Ausschreiwungen huet dës Baufirma déi gënschtegst Offeren ofginn, an deemno och hei den Zouschlag krut." "Entspriechend der Gesetzgebung ginn d'Offere vun deenen Entreprisen zeréckbehalen, déi no der Erfëllung vun alle Krittären déi bescht ekonomesch Offer ofginn hunn. Falls keng zousätzlech Krittäre fir den Zouschlag festgeluecht sinn, kritt déi gënschtegst konform Offer den Zouschlag."*
*Firwat goufe keng Krittären an dës ëffentlech Ausschreiwung agebaut, déi Firmen ausschléissen, déi een Eegeninteressi um Projet kéinten hunn a vun de Retombéeë vum Bauprojet profitéieren?*

Wéi schonn a menger Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1889 duergeluecht handelt et sech hei net ëm eng eegen Opfaart fir ee Projet, mee ëm eng nei Ubannung un d'N13, déi anescht net machbar gewiescht wier. Mam neien Echangeur Steebrécke wäert d'ganz Ëmgéigend an och de Verkéier op der Autobunn däitlech profitéieren.

Natierlech kënne verschidde Krittäre virgesi ginn, déi awer reng technescher Natur musse sinn a sech ausschliisslech op d'Charakteristike vum "opérateur économique" bezéie mussen – wéi beispillsweis seng Gréisst, Erfarungen, Referenzen oder technesch a finanziell Kapazitéiten. Esou Krittären droen dozou bäi, dass e Projet effizient an ouni Komplikatioune realiséiert ka ginn.

Genee dës Dispositioune vum Gesetz iwwer d'Marchés publics garantéieren deemno eng fair Konkurrenz a suergen dofir, dass déi ekonomesch gënschtegst Offer den Zouschlag kritt – am Interessi vum Staat an domat och vun der Allgemengheet.

*Fro 2: Ass et ënnert dem aktuelle Marché public Gesetz méiglech, dass eng Firma iwwert eng aner Societéit de Projet kéint kréien?*

Eng Entreprise déi e Marché public zougeschloe kritt huet, kann, wann de Bauhär d'Erlabnis gëtt, de Marché integral oder zu engem Deel sous-traitéiren. Dat ass am Artikel 105 vum Exécutiounsrèglement vum Marchés Publics Gesetz vum 8ten Abrëll 2018 virgesinn.

*Fro 3: De Premierminister huet a senger Ried zur Lag vun der Natioun eng Upassung vum Gesetz iwwert Marchés Publics ugekënnegt, am Kader vu Wandkraaftrieder.*
*Wäert d'Regierung dofir suergen, dass d'Reegele vun den Ausschreiwunge méi streng ginn, esou dass keng Firma kann un enger Ausschreiwung deelhuelen, wou si selwer Interessie huet a finanziell oder strategesch duerno vum Projet profitéiert?*

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Dat aktuellt Marchés publics Gesetz gesäit Reegele vir fir en Interessekonflikt ze evitéieren, (Artikel 13 vum Marchés Publics Gesetz vum 8ten Abrëll 2018).

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit
an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko BACKES